# d'Peffermillen

De Koschter huet sech jo schon oft genug driwer opgereegt, daß d'auslännesch Kanner an der Lëtzebuerger Schoul benodeelegt gin, obschon si bal 40% vun de Schüler ausman. E ganz besonnesch absurde Fall as de Koschter elo aus dem 13e Examen am Secondaire technique gewuer gin. Zwee Schüler italiénescher Ofstamung, déi zu dene beschten aus der Klass gehéieren, woren zejoert am däitsche Noexamen duerchgefall. Dëst Joer hu si am Däitsche neess e Noexamen. Daß Mathematiker- a Scienceleit nët onbedéngt Sproochgenië sin, dat wëssen se am Lycée scho laang. Do kann een an der B- an an der C-Sektioun eng vun deene dräi Sproochen am Premièreexamen ewegloossen. De Koschter freet sech virwaat esou eppes am Technique nët méiglech as? Da wären déi zwee schon d'lescht Joer duerchkomm an ët hätt keen Hunn méi dono gekréint.

**Christ**

Dem Koschter seng Kollegin aus dem Lëtzeburger Land huet Schwieregkeeten matt hierem Chef. "Le Courrier de Léopoldine" därf nët méi erschengen. Besonnesch kuriéis ass d'Ursaach vum Streit, et handelt sech ëm en arithmetesche Problem. An der Chamber gët doriwer diskutéiert fir d'Zuel vun den Députéierten nei festzeleën: no der ablécklecher Regelung steigt d'Zuel matt der Awunnerzuel, dat heescht mir kréien ëmmer méi Deputéierten an dogéint soll elo eppes gemat gin. D'Léopoldine hat gemengt, dat wär ondemokratesch, well dodurch déi kleng Parteien benodeelegt gin: et brauch ee méi Prozent vun de Wieler Stëmmen fir e Mandat ze kréien. An daat huet se am Land nët schreiwen därfen. De Koschter, deen hir Rubrik ëmmer gär gelies huet, hofft drop se an enger anerer Zäitung ërëm ze fannen.

**ff**